Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**
St Laurent / Tony Noesen **Dikrich**

36, am Floss L-9232 1 / diekirch.lgs.lu / umeldung@diekirch.lgs.lu

**Dikrich, den 23. Mee 2025**

# Al Dikrich 2025

Léif Elteren a Frënn vun den Dikricher Guiden a Scouten,
Léif Biber, Wëllefcher, AvEx, CaraPio, RaRo an Albatrossen,
Léif Cheftainen, Chef a Verwaltungsrotmember,

Vum **11. bis de 15. Juli** ass d'Fest vun Al Dikrich wi ëmmer rëm ronderëm di Al Kierch. Mir, Dikricher Guiden a Scouten, bedreiwen do och nees eis Baurekichen, wu mer grillen zapen a Gromperekichelcher baken.

Fir di fënnef Deeg a Nuechte gutt iwwert d'Bün ze bringen, brauche mir vill engagiert Fräiwëlliger. Mir zielen op är Mathëllef fir datt mir d'Aktivitéite vun den Dikricher Guiden a Scouten weider finanziell ënnerstëtze kënnen. Ënner anerem kréien eis Memberen een Deel vum Camp bezuelt.

Bei dëser Geleeënheet fanne sich bestëmmt vill Memberen, Elteren, Frënn a Bekannten an enger flotter Ambiance erëm !

**Ariichten & Raumen a Botzen** (Di-A; Mi-A; Do-A; Mi-R; Do-R)
Virum Fest raume mir eis Bud an. Nom Fest muss natierlech rëm alles agepaakt, gebotzt a wech geraumt ginn.

**Cortège** (Fr-C)
Mir treffen eis um 18h30 an Uniform bei eiser Bud fir um Cortège duerch Dikrich mat ze goen.

**Botzen** (Sa-B; So-B; Mo-B; Di-B)
Moies respektiv Nomëttes brauche mir och eng Botzekipp (min. 5 Lett) fir déi dreckig Deeler mam Hochdruckreiniger ofzemaachen an d'Bud fir Owes nees fit ze maachen. Mir si frou fir all Hand di eis dobäi hëlleft. Mee leider kennen eis jéngst Member (Biber a Wëllef) nëmme mat engem Erwuessen hëllefe kommen. Fir ze botzen treffe mir eis am Floss.

**Baurekichen** (Fr-1 – Di-1 an Fr-2 – Di-2 )
Hei gëtt gegrillt, gezaapt a gebak. Mir schaffe wi ëmmer an 2 Schichten. Et kann ee wiele wini a wu ee wëll matmaachen. Mir brauche jeeweils 15 Lett pro Schicht. Mir doe **keng** Uniform an eiser Baurekichen un. Mir wiere frou wa Kanner (Biber a Wëllef) just bei der éischter Schicht géifen hëllefen. Mir brauchen awer och all Nuecht 6 Persounen di de Schluss wëlle maachen.

Rendez-vous ass all Kier virun der Aler Kierch ëm di Zéit di um Programm uginn ass.

Fir datt dëst och alles soll klappen, muss jiddereen deen hëllefe wëll, sich bis Sonndes de **6. Juli umellen**:

- Iwwert eisen Internetsite: **https://diekirch.lgs.lu/adk/**
- Oder per E-Mail: **umeldung@diekirch.lgs.lu**

Gitt bei der Umeldung w.e.gl. de Numm vun de Leit déi hëllefen, sou wéi och déi jeeweileg Schichten, un (→Récksäit).

Merci am viraus a bis dann,

di ganz Chefekipp

| | Dënsdig | Mëttwoch | Donnesdig | Freddig | Samsdig | Sonndig | Meendig | Dënsdig | Mëttwoch | Donnesdig |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | **08. Juli** | **09. Juli** | **10. Juli** | **11. Juli** | **12. Juli** | **13. Juli** | **14. Juli** | **15. Juli** | **16. Juli** | **17. Juli** |
| **Araumen an Ofraumen** | Di-A | Mi-A | Do-A | | Sa-B | So-B | Mo-B | Di-B | Mi-R | Do-R |
| **Cortège** *(Fr)*, **Kiermes** *(So)* | | | | Fr-C | | | | | | |
| **Baurekichen** *(Schicht1)* | | | | Fr-1 | Sa-1 | So-1 | Mo-1 | Di-1 | | |
| **Baurekichen** *(Schicht2)* | | | | Fr-2 | Sa-2 | So-2 | Mo-2 | Di-2 | | |

| **Wéini?** | | | **Responsabel?** | **Fir ween?** | **Wat?** |
|---|---|---|---|---|---|
| Dënsdig, den 08. Juli | **Di-A** | 16h30 – 19h00 | Thillen Jang | **Alleguer** *(ab CaraPio)* | Opriichten |
| Mëttwoch, den 09. Juli | **Mi-A** | 13h00 – 19h30 | | | |
| Donnesdig, den 10. Juli | **Do-A** | 15h30 – 18h30 | | | |
| Freddig, de 11. Juli | **Fr-C** | 18h30 – 20h00 | Nessen Peggy | **Alleguer** | Cortège |
| | **Fr-1** | 17h30 – 23h00 | de Waha Jean-Lou | **AvEx CaraPio** *(Kanner, Chef, Elteren)* | Baurekichen |
| | **Fr-2** | 22h30 – 03h30 | Cornélius Léon | | |
| Samsdig, de 12. Juli | **Sa-B** | 09h00 – 13h00 | Weydert Pol | **Wëllefcher** *(Kanner ab AvEx, Chef, Elteren)* | Botzen |
| | **Sa-1** | 16h00 – 22h00 | Wagner Pol | **Verwaltungsrot, Fréier DGS, Albatross** | Baurekichen |
| | **Sa-2** | 21h30 – 03h00 | | | |
| Sonndig, de 13. Juli | **So-B** | 09h00 – 11h00 | Marbach Fränk | **AvEx** *(Chef, Elteren)* | Botzen |
| | **So-1** | 12h00 – 18h30 | Muller Mia<br>Hemmen Zoé | **Biber, Wëllefcher** *(Kanner, Chef, Elteren)* | Baurekichen |
| | **So-2** | 18h00 – 00h00 | Cornélius Léon | | |
| Meendig, de 14. Juli | **Mo-B** | 09h00 – 14h00 | Conter Max | **RaRo, Albatross** | Botzen |
| | **Mo-1** | 17h00 – 21h00 | Bingen Louis | **AvEx CaraPio** *(Kanner, Chef, Elteren)* | Baurekichen |
| | **Mo-2** | 20h30 – 00h00 | | | |
| Dënsdig, den 15. Juli | **Di-B** | 09h00 – 14h00 | Geraets Guillaume | **Biber, Wëllefcher** *(Chef,Elteren a Kanner ab AvEx)* | Botzen |
| | **Di-1** | 16h00 – 22h00 | Gengler Joe | **RaRo, Albatross** | Baurekichen |
| | **Di-2** | 21h30 – 03h30 | Pott Laurent | | |
| Mëttwoch, den 16. Juli | **Mi-R** | ab 14h00 | Thillen Jang | **Alleguer** *(ab AvEx)* | Ofriichten & Botzen |
| Donnesdig, den 17. Juli | **Do-R** | ab 14h00 | | | |

Rendez-vous ass all Kir virun der Aler Kierch. Fir ze botzen treffe mir eis awer am Floss.